LATIC Elvir
LATIC Mujo
MOHNEN Claude

MULLER Roland
MURATOVIC Anes
PAULY Romain
SCHMITZ Jemp
SCHMOL Felix
SPAHC Safet
THILL Georges
SUTTOR Paul
WEBER Nico

Déi 11 Manchë gi gespillt:

Sonndes, 28. Abrëll	um Riganelli zu Esch
Sonndes, 05. Mee	um Usbp zu Diddeleng
Samsdes, 11. Mee	um Carreau zu Mondorf
Sonndes, 19. Mee	um C.I.B. zu Lëtzebuerg
Samsdes, 01. Juni	um A Rifat zu Stengefort
Samsdes, 15. Juni	bei de Steenemer Bulls zu Steenem
Samsdes, 22. Juni	um Zowasch zu Lasauvage
Sonndes, 30. Juni	um Belvaux-Metzerlach
Sonndes, 07. Juli	um Pétanque Kayl zu Kayl
Samsdes, 31. August	um Boule d'Or zu Esch
Sonndes, 15. September	um Claire-Chêne zu Esch



2. Stage mam Nationaltrainer fir d'Preparatioun op d'Championnat 2019

De Comité vun de Schierener Bullemettien hat keng Fraise gescheit, fir samschdes, den 30. Mäerz 2019 seng Spiller op Bieles-Metzerlach an de nationale Boulodrome vun der Federatioun z'invitéieren.

Ënnert der Leedung vum Nationaltrainer Dr. Klaus-Dieter Wiebusch hunn 19 Spillerinnen a Spiller un engem Stage vun engem Dag deelgeholl, fir d'Technik an d'Taktik ze verbesseren.

No der Begréissung vum FLBP-President Gérard Schneider stoung engem schéinen Dag bei herrlechem Wieder näischt méi am Wee.

Bei engem gemeinsame Mëttegiessie mam Nationaltrainer Wiebusch ass och den Equip-pegeescht opgefrescht ginn.

Déi bedeelegt Spiller hunn och de Wonsch geäussert, fir eng 3. Editioun mam Nationaltrainer z'organisieren.



D'Chorale Caecilia vu Schieren sicht nei Sänger a Sängerinnen

D'Chorale Caecilia vu Schieren huet viru kuerzem hir 85. Generalversammlung ofgehalen.

No der Begrëssung vum President Jean-Paul Meisch gouf eng Gedenkminutt fir déi verstuerwe Memberen ageluecht. A senger Usprooch huet de President alle Sängerinnen a Sänger esou wéi och der Dirigentin, den Organisten an dem Comité Merci gesot fir hiren Asaz. E Merci goung och un d'Gemeng fir déi finanziell an all aner Ënnerstëtzung.

Den Aktivitéitsrapport gouf vun der Sekretärin Margot Majerus virgedroen.

39 Prouwen, 25 Massen, 4 Begriefnesmassen, d'Radiomass an e weltleche Concert zesumme mat der Chorale vun Ierpeldeng stoungen am Joer um Programm. En Highlight war en Ausfluch vu 5 Deeg a Bayern. Och de Concert National ënnert dem Patronat vum Piusverband, organiséiert vun der Kulturkommissioun vu Schieren mat Ënnerstëtzung vun der Chorale Caecilia, den 11.11.2018 zu Schieren an der Kierch, war e groussen Erfolleg. Et hu gesongen: Memberen aus de Chorale Colmer-Bierg, Ettelbréck, Feelen a Mäerzeg, vun de Feierowend-sänger an aus der Chorale Schieren, dëst ënnert der Leedung vum Här Jean Gehlen, Dirigent zu Ettelbréck. Einlagen op der Uergel vum Marc Garson.

D'Tresorière Maggy Meisch konnt mam Bilan 2018 eng gesond finanziell Situatioun presentéieren, guttgeheescht vun de Keesserevisore Camille Schartz a Pierre Gillen.

Folgend Sängerinnen a Sänger goufe vun der Verrieder vum Piusverband, dem Här John Düsseldorf, ausgezechent: 10 Joer d'Adélaïde Stoffel, 30 Joer d'Josiane Scholer a fir 50 Joer de Misch Gross.



D'Medaile vun der UGDA huet den Här Buergermeeschter André Schmit iwwerrecht: 10 Joer d'Adélaïde Stoffel, 30 Joer d'Josiane Scholer a 60 Joer de Misch Gross.

Leider ass eisen Effectif nees méi kleng ginn, a ganz kloer ass zum Ausdrock bruecht ginn, dass ouni nei Sänger a Sängerinnen eis Chorale keng 4-stëmmeg Massen oder aner Repertoire méi ka sängen. Och wär et schued, wa mer an der Zukunft net méi zu genuch Leit wären, fir eng schéin Hochzäits- oder Begriefnesmass ze sängen.

De Buergermeeschter huet a senger Ried der Chorale och weiderhin d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot, an den Europa-Deputéierte Charel Goerens huet der Chorale verséichert, dass hie versicht, Leit ze motivéieren, fir sech bei eis an de Veräin ze mellen.

Dofir e waarmen Appell un all Leit a Jugendleech, déi gäre sängen, kommt bei eis an d'Chorale. Eis Prouwe sinn donneschdes owes um 18.00 Auer. Dir kënnt lech och bei engem vun eise Comitésmembere mellen, mir kommen lech gäre sichen.

Virgesinn ass och dëst Joer e weltleche Concert am Juli esou wéi e Paëllaowend am Oktober.

De Comité besteet aus folgende Memberen:

President: Jean-Paul Meisch

Sekretärin: Margot Majerus

Caissière: Maggy Meisch

Memberen: Marga Blasius,
Eliane Giulioni,
Monique Ley,
Francine Schaille,
Jules Wagener

Text a Foto: Monique Ley

KLENG KIERMES DEN 03.02.2019

Wéi et schonns eng laang Zäit Traditioun ass, huet och dëst Joer d'Chorale op d'kleng Kiermes invitéiert.

Um 9.00 Auer huet d'Chorale vu Foulscht eng feierlech Houmass am afrikanesche Stil gesongen, an et ass schwéiergefall, fir bei dëse rhythmische Kläng roueg an de Bänke setzen ze bleiwen, an d'Mass gouf mat engem kräftegen Applaus ofgeschloss.

Ab 11.30 Auer gouf am Alen Atelier den Aperô servéiert, an duerno stoung e gudd Kiermesmenu um Programm.

Wéi ëmmer huet eng gutt Kiermeszopp net d'äerfe feelen, an d'Rëndsbritt huet jidderengem gutt geschmaacht. Als Haaptplatt gouf et Mignons de Veau mat Krokette, Geméis an Zalot. E groussen Dessertsbuffet mat hausmaacher Gebäck vun allen Zorten, Crêmen, Zockerwäfflecher, Kichelcher mat Kaffi an Digestif gouf et zum Ofschloss.

Eise Gäscht hat et nees wonnerbar geschmaacht, an et goug e grouse Luef un eis Kächinnen a Pâtissières, a wie Chance hat, konnt och nach e schéine Präis vun eiser grousser Tombola mat heem huelen.

Text a Fotoen: Monique Ley



NÄCHSTE RENDEZ-VOUS:

Concert vun der Chorale am Alen Atelier, e Samschdeg, de 06.07.2019

Mir hunn e flotte Programm, a wie wëllt matsangen, kann sech gäre bei engem Comitésmember mellen, mir kommen lech gäre sichen an huelen lech mat an eis Prouwen.

Fraen a Mammen Schieren – Fréijoer 2019

Eis Generalversammlung war dëst Joer dënschdes, den 12. Februar, um 17.00 Auer. Mir waren houfreg, 5 Checken iwverreechen ze kënnen, an zwar:

- 3.000 € un Autisme Lëtzebuerg
- 3.000 € un de Plooschter Projet
- 3.000 € un d'Initiativ Liewensufank
- 2.000 € un d'APEMH
- 2.000 € un d'Wonschkutsch.

Mat engem kille Pättchen an engem Schnittchen hu mer de ganz gutt besichten Owend ausklénge gelooss.

Freides, de 15. Mäerz, war d'Wallfahrt an de Stadgronn bei d'Schwarz Noutmuttergottes. Duerno hu mer zu Schieren de Pilger de Kaffi zerwéiert.

Dënschdes, den 19. Mäerz, war eis traditionell Jousefsfeier zu Schieren an der Kierch. Priedeger war den Abbé Fernand Huberty. Duerno war d'Generalversammlung vun de Paren Dikrech/Ettelbréck (fréieren Dekanat Dikrech). Eng gutt Taass Kaffi huet natierlech net gefeelt.

Eise Basar war, wéi all Joer, op Pällemsonndeg, de 14.04.2019. Moies huet et geschneit, wat awer eis getrei Clientèle net ofgehale huet: Gebäck an Tombola ware gefrot. Et ware vill Leit um Aperitif, an nomëttes war eis Kaffisstuff gutt geféllt. Eisen Owesmenu huet geschmaacht an eis Invitéë ware ganz zefridden.



13.000 Euro gingen an gemeinnützige Organisationen „Fraen a Mammen Schieren“ überreichten gleich fünf Schecks



Mit 13.000 Euro unterstützen die „Fraen a Mammen Schieren“ gleich fünf gemeinnützige Organisationen.

Anlässlich ihrer 49. Generalversammlung unterstützte die ACFL-Sektion „Fraen a Mammen Schieren“ neulich verschiedene gemeinnützige Organisationen. So fiel es Sektionspräsidentin Henriette Mathias-Lutgen denn auch nicht schwer, sämtlichen Mitgliedern, Nachbarsektionen, der Gemeindeverwaltung sowie allen Helfern und Gönnern für ihr Entgegenkommen und ihre Unterstützung im vergangenen Jahr zu danken. Dass die Frauen und Mütter aus Schieren erneut ganz aktiv waren, bezeugte Annette Thiry in ihrem gut gefüllten Tätigkeitsbericht. Dabei wurde ganz besonders an das Waffelbacken erinnert, das auch wesentlich zum Auffrischen des Kassenbestandes beitrug und auch in Zukunft weitergeführt wird. Das Programm für 2019 sieht u. a. die Wallfahrt zur Schwarzen Muttergottes (15. März), die Josefs-Feier in Colmar- Berg (19. März) und den Bazar in Schieren (14. April) vor. Wie aus dem positiven Finanzbericht zu erfahren war, sei man umso mehr erfreut, insgesamt 13.000 Euro anhand von Schecks zu verteilen. Bürgermeister André Schmit und Schöffe Eric Thill unterstrichen das soziale Engagement der Sektion, die dank vieler Aktivitäten von unermüdlichen und freiwilligen Mitgliedern übers Jahr getätigt werden und versicherten auch in Zukunft die Unterstützung der Gemeindeverwaltung

zu. Abbé Maurice Péporté seinerseits lobte das Bedürfnis als Pastoralgemeinschaft und den beispielhaften Einsatz auf kirchlicher Ebene. Der Vorstand setzt sich zusammen aus Henriette Mathias-Lutgen (Präsidentin), Annette Thiry (Sekretärin), Irma Feipel (Kassiererin) und den Beisitzenden Marga Blasius, Nelly Gengler, Thérèse Stork und Gilberte Welter. Kassenrevisoren sind: Christine Reiter und Marcelle Jean-Pierre. Den Abschluss der Versammlung bildete eine fünffache Schecküberreichung im Gesamtwert von 13.000 Euro. Einen Scheck von 3.000 Euro konnte Daniëlle Philippi, Direktionsbeauftragte von „Autisme Lëtzebuerg“ entgegennehmen. Weitere 3.000 Euro wurden Chantal Brevier für das „Plooschter Projet“ überreicht. Als Mitglied der Direktionsverwaltung von „Initiativ Liewensufank“ freute sich Eliane Streitz ebenfalls über den 3.000-Euro-Scheck. Rol Anen, Präsident der „APEMH“ wurden 2.000 Euro übergeben. Maria Berardi, in Vertretung der Vereinigung „Wonschkutsch“, konnte 2.000 Euro in Empfang nehmen. Sämtliche Scheckempfänger bedankten sich für die großzügige Spende und erklärten, wie dieses Geld für die laufenden Projekte in ihren jeweiligen Vereinigungen verwendet wird.

Text und Foto: Charles Reiser

Dräi Generatioune mat Leidenschaft am Trompetteregëster an der Schiererener Musek

Als Papp a Grousspapp sinn ech frou a stolz, dass meng Leidenschaft fir d'Musek sech op meng Kanner an Enkelkanner iwwerdroen huet.

D'Musek ass de Schlëssel zur Séil an eng Sprooch, déi all Natioun versteet.

Alfred Kayser



Aktivitéite vun der Schiererener Musek

D'Schiererener Musek freet sech, déi Schiererener Awunner op hir nächst Aktivitéiten anzueluden:

30/06/2019 ab 12h00: Summerfest organiséiert vun der Schiererener Musek beim/am Alen Atelier

04/07/2019 um 20h00: Concert vun der Schiererener Musek um Buerschter Schlass

07/07/2019 um 11h30: Concert vun der Schiererener Musek op der Plëss



Weider Informatiounen op www.schiererener-musek.lu



Gelongene Fuesweekend zu Schieren

No 13 Joer haten d'Trei Sei de Wee nees op Schieren fonnt, wou se Fuesfreideg fir déi perfekt Fuesstëmmung gesuert hunn. Iwwer 300 Fuesgecke waren um Rendez-vous an hu sech am Alen Atelier beschtens bis an de fréie Moien ameséiert. Mat Ënnenzopp, Gegrills, Fritten an engem, oder méi, Patt gestärkt hunn d'Fuesboken hir Danzfähgkeete bei enger Walz oder engem Marche op der Danzpist zum Virschäi bruecht.

Och déi méi Kleng wossten d'Fuesent ze feieren. Mat hire flotte Kostümer konnten déi jonk Fuesgecken Fuessamsdeg fir e puer Stonnen an eng aner Welt klammen. Um Programm stunge flott Kanneranimatioun, vill Konfetti a genuch Schneekeete fir de klengen Honger.

Fotoen: Jerry Schlantz



Galakonzert 2019 in Schieren



Der Termin ist bekannt: jährlich, am dritten Sonntag des Jahres, lädt die Schiererener Musek zum Galakonzert ein. Auch dieses Jahr folgten rund 600 Zuschauer der Einladung und fanden sich am 20. Januar in der Sporthalle in Schieren ein, um einem 60-köpfigen Blasorchester, unter der Leitung von Dirigent Roland Schiltz, beizuwohnen.

Nach der „English Folk Song Suite“ als Opener kam es mit der Solistin Renée Wirth an der Violine bereits beim zweiten Stück mit „Zigeunerweisen“ zum ersten Höhepunkt des Vorabends. Hellauf begeistert vom Auftritt der jungen Solistin begleitete das Publikum Letztere unter tosendem Beifall im Anschluss an dieses erstmalige Zusammenspiel mit der Schiererener Musek von der Bühne.



Anschließend wurde der Zuschauer mit dem Stück „Cry of the Last Unicorn“ auf eine musikalisch sehr emotional dargestellte Jagd auf das letzte Einhorn mitgenommen, um vor dem Ende des ersten Aktes den Klängen rund um „Trimbeka“, dem heutigen Dorf Gorredijk in Holland, zu lauschen.

Im zweiten Teil wurde es mit „The Golden Lady“ (Eis Gëlle Fra) und der „Mozart Pop Symphony“ etwas bewegter; eine Stimmung, die durch die folgenden moderneren Kompositionen ungebrochen blieb. Mit „Don't Stop Me Now“

von Freddie Mercury und der Filmmusik aus „Jungle Book“ wusste die Schiererener Musek ihr Publikum weiterhin zu unterhalten und schloss das Konzertprogramm vorerst mit dem Medley „Selections from Sing“ ab.

Bei der ersten Zugabe, „Schindler's List“, begleitete das Orchester die Solistin Renée Wirth ein weiteres Mal, um sich nachfolgend mit der zweiten Zugabe „The Best Of Charles Aznavour“ – dem „französischen Frank Sinatra“ – zu verabschieden.

Wie gewohnt umrahmte ein Team rund um Gusty Feinen die musikalische Darbietung des Orchesters mit Projektionen auf eine 5,6 m breite Leinwand und brachte den Zuhörern die Musikanten mithilfe von Nahaufnahmen somit sichtlich näher.

Durch das Konzertprogramm führten Nicole Mersch und Carmen Nickels und sorgten hierbei für die nötigen Erklärungen zu den verschiedenen Kompositionen.

*Text: Christophe Heck
Fotos: Jerry Schlentz*





Jugendstage 2019



Méindes moies, hallwer 10 zu Rëmerschen an der Jugendherberg: De Receptiounsraum fëllt sech sou lues. D'Perkussioun gëtt erageplënnert. Den Ufank vum Stage 2019 ass gemeet. Same procedure as every year ? Jo an nee. Vill bekannte Gesichter, e puer ganz Jonker, déi nach net dobäi waren an net genau wëssen, wat se elo erwaart. Mee si ginn net eleng gelooss. Eng éischt Versammlung fir ze froen, wat d'Erwaardungen un de Stage sinn, dann eng Prouf, dono lessen. Dono nach eng Prouf a Kennelierspiller. Lo ass jiddereen integréiert, eng besonnesch homogen Trupp dëst Joer.

Et ass den Ufank vum 11. Jugendstage zu Rëmerschen. Déi Hollerecher Kollege sinn dëst Joer net dobäi, si hu momentan keng jonk Musikanten, déi hei kéinte



matmaachen. Sou waren et nieft de Schiererener nach déi Jugendlech vum Cents, Rollengergronn, Ouljen an der Fanfare des Faubourgs, déi matgewierkt hunn.

Dëst Joer sinn haaptsächlech Orchesterstécker ageprouft ginn, och well d'Unzuel vun de Kanner an de Leit, déi de Stage encadréiert hunn, liicht manner héich war wéi déi Jore virdrun. Sou hunn déi al Huesen Neies geléiert, wéi si d'Perkussioun verstärkt hunn, obwuel dat net hiert Instrument ass.

De Roland Schiltz, Patron vum Stage (an Dirigent vun der Schiererener Musek), huet un engem neie Konzept geschafft gehat fir dat nächst Joer. Allerdéngs hunn déi Jonk sech kloer dofir ausgeschwat, déi aktuell Approche bäizebehalen. D'Jugendherberg gouf dann och fir 2020 scho virreservéiert.

Als Ofschloss war de Concert dëst Joer am Rollengergronn, an nieft den Orchesterstécker gouf och e Kanon a „Facebook“ vun de Wise Guys gesongen (op youtube fannt Dir dësen däitsche Song).

Vu Schieren aus waren dëst Joer mat: Kayser Leo, Moura Anna, Moura Julie, Moura Manou, Nickels Valy, Pütz Laurie, Garson Jil (Animatioun), Garson Sigi (Orchester), Kraus Claude (Orchester/Gesang), Nickels Sally (Orchester), Schiltz Roland (Chef vum Stage).

Marc (Sigi) Garson



Haydn a Lloyd Webber fir e gudden Zweck



Et war am Joer 2017, wéi d’Kulturkommissioun vu Schieren d’Iddi hat, e Concert mat de 5 Chorallen aus der Par Ettelbréck z’organiséieren.

Spontan hunn déi 5 Presidente vun de Choralle Colmer-Bierg, Ettelbréck, Feelen, Mäerzeg a Schieren zougesot.

Mat der Ënnerstëtzung vun de Feierowendsänger vu Colmer-Bierg gouf dunn no bal 16 Méint Prouwen den 11.11.18 dëse Concert mat Wierker vum Joseph Haydn an Andrew Lloyd Webber ënnert der Leedung vum Jean Gehlen zu Schieren an der Kierch virun 430 Spectateure virgedroen.

Dëse Concert National stoung ënnert dem Patronat vum Piusverband an der Gemeng Schieren, an hire finanzielle Support, esou wéi och d’Quête nom Concert, hunn et, no der Begläichung vun de Käschten, erméiglecht, dass

d’Chorale vu Schieren mat der Ënnerstëtzung vun der Kulturkommissioun viru kuerzem e Chèque vun 1.750 € konnt un d’Associatioun „En Häerz fir kriibskrank Kanner“ iwwerrechen.

D’Presidentin, d’Madame Marie-Marthe Bruck esou wéi och den Här Professor Dokter Marc Diederich hunn eis e grouse Merci ausgedréckt an hunn eis hir Associatioun a kuerze Wierder virgestallt.

Nach emol geet e grouse Merci un d’Kulturkommissioun fir hir Initiative esou wéi och un all déi Leit, déi un dësem Concert bedeelegt waren an déi esou dozou bäigedroen hunn, déi kriibskrank Kanner z’ënnerstëtzen.

Fotoen: Jerry Schlentz
Text: Monique Ley



1. Helleg Kommioun zu Colmer-Bierg, de 5. Mee 2019

16 Kanner vu Colmer-Bierg a Schieren hunn sech déi lescht Méint op hir éischt helleg Kommioun virbereet, dovunner 12 vu Schieren, 3 vu Colmer-Bierg an 1 Meedche vu Mäerzeg.

Fir d'Kommioun kënnen ze maachen, muss een 3 Joer laang an der Katechèse sinn an och e puer Stonnen um Kommiounsunterrecht deelhuele. Leider ass dat nach ëmmer net bei all den Elteren ukomm, dofir hu mir och dat nächst Joer ganz wéineg Kanner, déi d'Kommioun wäerte maachen. Fir 2021 gesäit et awer dann nees vill besser aus!



Eis Kanner hu selbstverständlech och missen un de Sonndesmassen deelhuele, och wann Dir se net zu Schieren gesinn huet. Si sinn am léifsten zu Ettelbréck an d'Mass gaangen, well se do virun der Wandlung d'Evangelium op eng ganz einfach Aart a Weis erkläert kruten. Natierlech waren d'Kannermassen zu Ettelbréck och ganz beléift. 4 vun eise Kommiounskanner hutt Der awer an all Sonndesmass gesinn, well si si schonn zënter engem Joer stolz Massendénger/-rinnen.

hunn d'Begréissung, wéi och d'Fürbitten a verschidde Sprooche gemaach, Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Portugisesch an esouguer Spuenesch. Ganz andächtig hunn se hir Kommioun empfaangen, si hate ganz vergiess ze babbelen!

Et war e schéint Fest, a mir freeën eis schonn op d'Dankagungsmass den 18. Mee zu Ettelbréck, déi mir mat ronn 90 Kommiounskanner aus eiser Par Pierre et Paul feieren.

Den 9. März hunn eis Kanner hiert d'Dafversprieche an der Kierch zu Colmer-Bierg erneiert an den 19. März waren se all zu Schieren beichten.

De 5. Mee waren se du prett fir dat groust Fest! Bei nidrege Temperaturen, awer bloem Himmel hunn d'Kanner an hir Familljen sech am Agang vum Colmer Park um 9:30 Auer versammelt. Kuerz drop huet de Paschtouer d'Kommiounskanner geseent, an du sinn se a feierlecher Prässessioun, begleet vun der Colmer Musek duerch d'Allee laanscht d'Schlass erop bis an d'Kierch gaangen. Pünktlech um 10:00 Auer hunn d'Kanner hiert Ufankslidd: Herein, herein, wir laden alle ein, gesongen. D'Kanner



Klibberen 2019

Vu Joer zu Joer gëtt et méi schwiereg, a ganz Schieren d'Klibberen ze garantéieren. Mir hunn et awer och dëst Joer erëm emol hikritt, mat nëmme 15 Kanner a Jugendlechen a sämtleche Stroossen ze klibberen. Eise Massendénger hir kleng Geschwëster ware Feier a Flam fir matzegen, an déi hu mer natierlech gäre matgeholl, och wann si eréischt am 1. Schouljoer sinn.

Dëst Joer war d'Klibberen zimlech ustrengend, fir déi Grouss a ganz besonnesch fir eis ganz Kleng.



Scho fir d'Mëttesklack huet d'Sonn gedréckt, et war wéi matten am Summer. Doduerch, datt mer nach just mat 3 Gruppe geklibbert hunn, waren hir Tier och zimlech laang. Bis zu enger Stonn waren s'ënnerwee. Déi Klibber dréinen, dobäi ruffen an och nach de Bierg eropgoen, an dat moies, mëttes an owes, dat war schonn eng Leeschtung! Si hunn dat mat Freed gemaach a sinn um beschte Wee, och emol gutt Massendénger ze ginn.

Op Ouschtersamschdeg sinn eis Klibberkanner vun Dier zu Dier schéin Ouschtere wënsche gaangen. E puer kleng Pannen hate mer, an och déi hu mer gemeeschtert! Eist Kathrine huet sech de Fouss verstaucht an huet trotzdeem net opginn, et huet gekämpft bis zum Schluss. A wann et guer net gaang ass, dann huet hatt sech féiere gelooss! ... an iergendwann huet de Bollerweenchen net méi matgemaach. Schnell ass en Ersatz organiséiert ginn! Leider war et eise Klibberkanner net méiglech, scho moies bei jidderengem ze passéieren, dofir waren se am Nomëtten nach emol ënnerwee bis no 15:00 Auer. An um 18:00 Auer ass schonn nees d'Owesklack geklibbert ginn. Um kuerz virun 19:00 Auer sinn déi Lescht agelaf, an si konnten endlech hire Klibberloun an Empfang huelen.



Bei den Appartementshaiser hunn d'Kanner dëst Joer net méi geschellt, well si sech an deene grouse Gebaier regelrecht verléieren. Sidd w.e.g. net traureg, wann d'Kanner net bei lech komm sinn. Falls Dir hinne gären eppes gitt, kommt hinnen dat nächst Joer einfach entgéint, bis an d'Haaptentrée. Oder Dir kënnt hinnen och gären eppes op de Kont LU54 00929 1596 1203 3500 vun der Par Schieren (Massendénger) mam Vermier „Klibberloun“ iwwerweisen!

D'Kanner soen lech villmools MERCI!

Opruff!

Hutt Dir nach Klibberen, déi Der net méi braucht, da kënnt Der déi gäre bei engem Member vun der Parequipe ofginn. Déi Firma, déi d'Klibbere fir Lëtzebuerg gemaach huet, huet hir Produktioun leider agestallt.



MAFREMA – MAT FREED MASSENDÉNGER SINN – 30. MÄRZ 2019

32 Massendénger vun eiser Par Pierre et Paul ware mat op lechternach op de Mafrema, dovunner 5 vu Schieren. Mafrema heescht, mat Freed Massendénger sinn, et ass e groust Treffte vun de Massendénger aus dem ganze Land. Eis Par war am beschte vertruede mat eisen 32 klengen a grouse Massendénger am Alter vun 8 bis 20 Joer. Mir si stolz drop, datt eis Par nach esouvill Massendénger huet, an dobäi ware mer ëmmer der Meenung, eise Grupp géif lues a lues ausstierwen. Mee dat ass net de Fall, an anere Pore sinn se vill méi schlecht drun.

Scho moies virun 9 Auer si mer op der Valisplaz vun eisem Bus ofgeholl ginn, an dunn ass et weider gaangen op Ettelbréck, wou mer de Rescht vum Grupp opgelueden hunn. Am Bus konnte mer eis schonn e bësse kenne léieren.

Zu lechternach hu mer eis gläich an eis Tenue geworf, an et ass lassgaange mat enger flotter Mass, mat eisem Här Äerzbëschof. No der Mass, ass eng Gruppfoto op der Trap am Abteishaff gemaach ginn. Zesumme mat eise Responsabelen hu mer am Refectoire vum Internat giess.

Duerno si mer an déi verschidden Atelierien opgedeelt ginn. Et goufen Ateliere fir Primärschoulkanner, fir Jugendlecher an och fir erwuesse Massendénger. Et gouf iwwer liturgesch Géigestänn a Kleeder geschwat, den Opbau vun der Mass erkläert an e flott Kräiz aus Naturmaterial gebastelt. Fir déi méi grouss stoung Halleffaaschten an



Ouschteren um Programm. Si hunn eng eegen Ouschterkärz gemaach. Des Weidere gouf iwwer d'Bedeutung an den Ursprung vu lëtzebuergeschen Traditione geschwat. Zum Schluss hunn all eis Massendénger e „Certificat de participation“ kritt an eng Dous mat flotten Impulser fir den zweeten Deel vun der Faaschtzäit. Eis Massendénger ware ganz begeeschtert, de Mafrema war nach ni esou flott wéi dëst Joer.





U12-Turnéier vun der Basketfederatioun (FLBB) den 1. Mee 2019 zu Schieren an der Sportshal

Den 1. Mee 2019 hat d'Federatioun U12-Spillerinnen a -Spiller aus dem ganzem Land op Schieren invitéiert, fir en Turnéier ze spillen. D'Meedercher hu moies, d'Jongen hunn mëttes gespillt. Dobäi konnten d'Trainer vun der Federatioun sech e Bild maachen a Spiller fir déi respektiv Nationalkadere rekrutéieren.



Och an der Summerpaus huet sech erëm vill gedoe bei de Baronen



De Veräin huet d'Decisioun geholl, fir d'Federatioun vun der LEDF an d'EDFL ze wiesselen. Nieft verschiddenen administrativen a spillteschnesche Virdeeler, z. B. gëtt de Simple op 501 an net méi op 301 gespillt, goug et och an éischer Linn dodrëm, d'Weeër fir op d'Auswärtsmatcher ze verkierzen ... Mir müssen elo net méi de ganze Süde vum Land bereesen, mee hunn elo och z. B. Matcher zu Dikrich oder lechternoch.

Op eiser 1. Generalversammlung den 20. September hu mer dann och ugekënnegt, dass de Club sech en 2. Dartsautomat wäert zouleeën, fir eis Trainingskonditiounen ze verbessern, an och d'Waardezäiten tëscht den eenzelne Matcher, souwuel um Training wéi och am Championnat, ze verkierzen an d'Spieldauere besser ze kontrolléieren.

Den 1. Match vun der neier Saison war dann den 12. Oktober zu Klengbetten am Pappala Pub géint d'C-Ekipp vun de Boardbangers, deen no tëschenzäitlechem Réckstand awer nach mat 12-8 gewonne gouf. Den 2. Match war dann den Heemmatch géint Harlekeng B vun lechternoch, dee mat 10-10 ausging ... keng ganz grouss Virstellung vun eiser Ekipp ... Match 3 géint Les Artistes B vun Hesper: e fette W an eis Statistik mat 19-1. Den nächste Match géint d'Muselsharks gouf et da mat 8-12 déi 1. Nidderlag vun der Saison. Den 30. November war et dann den 1. Derby géint d'Shootingeagles vun Dikrich, wou mer mat 12-8 gewonnen hunn. Sou konnte mer mat enger Victoire an enger positiver Bilanz vun 3 gewonnenen Matcher, engem Gläichspill an enger Nidderlag d'Kalennerjoer 2018 ofschléissen. Weider an der Saison geet et dann den 11. Januar bei de Crystal Darts zu Weiler, enger Ekipp, déi zesumme mat eis am Summer d'Federatioun gewiesselt huet.





Grouss Botz zu Schieren 2019

Wéi all Joer am Fréijoer war och erëm 2019 déi grouss Botz an der Ëmgéigend vu Schieren um Programm. Wann een op de Weeër laanscht d'Stroossen gekuckt huet, huet een erëm vill Plastik, Aluminiumsbéchschen, Zigarettedepackungen asw. gesinn. Eng Situatioun, déi schwéier esou z'akzeptéieren ass. Sensibiliséieren an informéieren ass sécher eppes, wat een ëmmer erëm muss maachen.



Ufank Abrëll gouf eng national Campagne zum Thema vum „Littering“ laanscht d'Stroossen an och an der Natur lancéiert.

„Offall kann déidlech sinn - gehei näischt an d'Natur“
<https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Littering/campaign-2019.html>

Et kann ee mol um Internet erakucken, an do si vill Aspekter vun der ganzer Problematik duergestallt.

Eng konkret Aktioun, déi niewent den Artikelen an der Presse sécher scho positiv Auswierkungen hat, ass, dass säit dem Januar 2019 an de Geschäfte keng Plastikstute méi gratis därefer verdeelt ginn. Lues awer sécher gesäit een den Akafskuerf an de Rucksak, niewent den Akafskierf aus recycléiertem Plastik, méi an der Notzung am Alldag.



Alternativë zum Plastik bei der Verpackung ginn ëmmer méi en Thema, an et ass un deem Einzelen, fir se och ze notzen.

Zu Schieren ware jiddefalls erëm ronn 50 motivéiert Leit bei der grousser Botz am Asaz. Leit aus dem Gemengerot, de Kommissiounen an och de Veräiner. Niewent den alen Huesen, déi schonn iwwer Joren dobäi sinn, hunn sech awer och déi lescht Joren ëmmer méi jonk Elteren an hir Kanner bedeelegt. D'Schoulkanner hate freides schonn ëm d'Schoul gebotzt. D'Pompjeeën haten hir Hal an hirt Material an der Kichen erëm zur Verfügung gestallt, esou dass no der Aarbecht och eppes fir den Honger an den Duescht konnt ënnerholl ginn. En décke Merci un d'Gemeng fir hir finanziell Ënnerstëtzung.

Ëmweltkommissioun vu Schieren / Jean-Paul Zeimes

Bamplanzaktioun fir eis Neigebueren

Och dëst Joer hat d'Gemeng mat der Ëmweltkommissioun a Gaart an Heem erëm déi jonk Familljen invitéiert, déi am Joer 2018 Nowuess kritt hunn. Et ass wéi all Joer drëm gaangen, fir e Bam ze planzen an domat de Kanner an hiren Elteren eng bleiwend Erënnerung un dat Joer 2018 z'organisieren. Nodeem déi Planzaktioun schonn iwwer Jore bei der Sportshal duerchgefouert gouf, ass déi Plaz am Butzeparck am Hierscht esou lues zu engem Treff ginn, wou dann d'Nëss kënnen geraf ginn. Dëst Joer ass nach e Nësstert geplanzt ginn.



E Merci geet un de Fierschter an seng Mataarbechter, déi schonn eng gutt Viraarbecht gemaach haten. Fir d'Pappen an d'Mamme war eigentlech méi e kleng symbolesche Geste bei der Planzaktioun gefrot. No där klenger Ustreuung hat Gaart an Heem an der Buvette vun der Sportshal wéi ëmmer eng Receptioun organiséiert. Honger an Duuscht huet kee misse leiden. Vun de 25 Kanner, déi am Joer 2018 op d'Welt koumen an op der Gemeng enregistréiert goufen, waren der 8 mat den Elteren a Geschwëster bis laanscht komm.

D'Gemeng hat an Zesummenaarbecht mat de Pompjeeën och erëm e kleng Cadeau fir d'Kanner an hir Elteren organiséiert. De Cadeau ass éischer fir eng Sensibilisatioun am Beräich vun der Sécherheet doheim am Haus geduecht. All Famill huet e Rauchmelder geschenkt kritt. Dat ass vläicht nëmmen e kleng Ustouss, mee awer eng Saach, wou derwärt ass, fir doheim z'installieren.

De Buergermeeschter huet a senger Usprooch dovu profitéiert, fir den aktuelle Stand vun all de Projeten ze presentieren, déi an der Gemeng an der Aarbecht sinn. D'Gemeng Schieren ass am Wuessen an dat ass fir de Gemengerot eng Motivatioun, fir eng performant Offer fir hir Bierger z'organisieren.

Ëmweltkommissioun vu Schieren / Jean Paul Zeimes

MËLLECHKOU - 5 JOER AL

BELLA

AFFER VU METALL A PLASTIK



OFFALL KANN
DÉIDLECH SINN


GEHEI NÄISCHT AN D'NATUR



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable
Administration de l'Environnement






Bummelbus



Forum pour l'emploi.

Montag - Freitag: 06.30 - 21.15 Uhr
 Samstag: 06.30 - 17.15 Uhr

lundi - vendredi: 06.30 - 21.15 heures
 samedi: 06.30 - 17.15 heures



T 26 80 35 80
www.bummelbus.lu
bummelbus@fpe.lu
 20, route d'Ettelbruck
 L-9230 Diekirch





WWW.EISLEK.LU



„Mit einem Klick“

Die Region Éislek präsentiert sich im neuen Look!

Die Region im Norden Luxemburgs ist ab sofort unter der Adresse „www.eislek.lu“ zu finden. 6 Kategorien geben tolle Tipps und machen richtig Lust auf das Éislek. Klicken Sie sich durch und staunen Sie über die Vielfalt Ihrer Region.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Fonds européen agricole pour le
développement rural : l'Europe
investit dans les zones rurales

De Panorama



Sicht déi 10 Feeler am Bild



D'Opléisung fannt Der am Louis Nr. 58.

De Panorama

Hei d'Opléiung aus dem Louis Nr. 56



Nouveau

À partir de mai 2019

Internet haut débit pour nos abonnés

Tarif mensuel: 0.- € -> 10 Mbit/s down, 1 Mbit/s up
 15.- € -> 100 Mbit/s down, 10 Mbit/s up
 10.- € -> Phone

Frais d'installation: 50.- €

Prix d'un cable-router: de 79.-€ à 169.-€ selon choix



ANTENNE COLLECTIVE SCHIEREN ASBL
 72, rte de Luxembourg
 L-9125 Schieren
 Dépannage: 691 771 281
 Mail: antenne@schieren.org

Toutes informations et promotions:
www.schieren.org

Prix imbattable: seulement **15 €** par mois

Points forts de l'Antenne Collective de Schieren

- Nombre de prises TV illimitées
- Dépannage par nos techniciens pendant les heures de bureau
Tél. : 691 771 281
- Possibilité d'un abonnement internet à grande vitesse avec ou sans ligne téléphonique fixe (assuré par Luxembourg Online LOL avec une vitesse maximale jusqu'à 100 Mbit/s suivant disponibilité)

Tarif de raccordement

- Pour les maisons unifamiliales:
* Frais de raccordement jusqu'au point de transfert: 150 €
* Frais uniques à payer pour la mise à disposition du signal de l'ACS: 50 €
- Pour les maisons bi-familiales et résidences:
* Conditions et offre sur demande

Cotisation

- 180 € par an (15 € par mois)
- Les cotisations seront encaissées semestriellement avec les taxes communales par l'Administration communale de Schieren
- Pour tout nouveau raccordement avec une durée minimale de 2 ans, les cotisations mensuelles seront offertes pour le semestre en cours

MANIFESTATIOUNSKALENNER 2019

JUNI – OKTOBER

DATUM		WAT ASS LASS?	VERÄIN
Juni			
Samschdeg	22.	Feierlechkeete fir Nationalfeierdag mat Te Deum	Gemeng Schieren a seng Bierger/ Kulturkommissioun
Sonndeg	23.	Nationalfeierdag / Härläichendag, Radiomass a Prässessioun	Chorale/Pargemeinschaft
Juli			
Freideg	05.	Generalversammlung	Fussball
Samschdeg	06.	Familljendag	Fussball Jugendkommissioun
Samschdeg	06.	Schlupp a Schéiss	Schierener Jugend
Samschdeg	06.	Concert	Chorale
Freideg	12.	Generalversammlung	Black Frogs Schieren
Samschdeg	27.	Grillfest	Frënn vum 3. Alter
August			
Donneschdeg	15.	Léiffrawëschdag	Gaart an Heem
September			
Freideg – Sonndeg	13.–22.	Tournoi Marcel Nilles	Tennis Club
Samschdeg	14.	Pouletsfest	Schierener Pompjeeën
Donneschdeg	19.	Generalversammlung	Darts Club Red Barrons
Sonndeg	22.	Quetschefest	Gaart an Heem
Mëttwoch	25.	Generalversammlung	Turnveräin
Oktober			
Sonndeg	06.	Kommemoratiounsdeg	Gemeng a seng Bierger
Sonndeg	06.	Flou- a Bichermaart	Pargemeinschaft
Samschdeg	12.	Generalversammlung	Jugend
Donneschdeg	17.	Generalversammlung	Bullemettien
Samschdeg	19.	Hierschtowend	Chorale
Samschdeg	26.	Dag vum 3. Alter	Frënn vum 3. Alter
Donneschdeg	31.	Halloween Party	Darts Club Red Barrons



Schieren^N



FACEBOOK.COM/GEMENGSCHIEREN

WWW.SCHIEREN.LU

